**Den 100.000 Euro Goldiesel**

RTL Lëtzebuerg, 45 boulevard Pierre Frieden, L-1543 Lëtzebuerg, representéiert duerch den Tom Weber, Digital Director RTL, organiséiert vum 25. Januar 2017 bis den 28. Februar 2017 e Spill wou et en Haaptpräiss vun 100.000 Euro ze gewanne ginn.

**Oflaf vum Spill:**

Während der Period vum 25.01.2017 an dem 14.02.2017 ka jiddereen, dee Member vun RTL.lu ass, dorops tippen wéivill Säiten am Gesamten, tëscht dem 01.02.2017, 00:00 Auer an dem 28.02.2017 23:59 Auer, op RTL.lu gekuckt ginn.

Dee Matspiller, deen déi exakt Gesamtzuel vu Säiten déi op RTL.lu tëscht dem 01.02.2017, 00:00 Auer an dem 28.02.2017 23:59 Auer richteg getippt huet, gewënnt 100.000 Euro. Am Fall wou et méi wéi ee Matspiller wieren, déi déi exakt Gesamtzuel getippt hätten, ginn déi 100.000 Euro, a gläichen Deeler wéi et Gewënner ginn, gedeelt.

Ausserdem ginn zousätzlech nach ënnert all deene Leit déi matgetippt an eng Goldmënz fonnt hunn folgend Cadeauë verloust:

- 4 iPad Mini
- 1 Digtale Fotoapparat: Leica V-LUX 4

**Et gëlle folgend Regelen:**

- D’Matspille beim 100.000 Euro Goldiesel ass gratis.
- Fir matzespille muss ee bei RTL.lu Member sinn an e komplette Profil erstallt hunn.
- Et muss ee mindestens 18 Joer hunn beim Ufank vum Spill.
- D’Mataarbechter vun RTL Group (inkl. all Duerchtergesellschaften) an hier Familljemembere dierfe beim Spill net matmaachen. Et ass och all Affiliéierte vu CIM wéi och de Mataarbechter vu CIM verbueden, beim 100.000 Euro Goldiesel matzespillen.
- De Matspiller dee probéiert ze fuddelen, ze manipuléieren oder géint eng vun de Spillregele verstéisst, gëtt automatesch disqualifizéiert.
- Et däerf een nëmme 5 Tipps pro Dag aginn.
- Matspillen däerf een awer sou vill wéi ee wëllt, well all Goldmënzen déi ee sammelt, kënnt an eng Loustrommel wou 4 iPad Mini an 1 Digitale Fotosapparat:Leica V-LUX 4 verspillt ginn.
- Falls d’Tippphase ënnerbrach misst ginn, sinn déi Tipps gülteg déi bis zu der Ënnerbriechung agi goufen.

**Huissier:**

Den Dépôt vun de Regelen, den Oflaf vum Spill wéi och all Operatioun déi mam Spill zesummenhänken gi vum Huissier de Justice Carlos Calvo, 65 rue d’Eich, L-1461 Lëtzebuerg, Telefon: 44 13 33 1 assuréiert.

**Informatiounen:**

Jidderee fënnt dës Spillregelen och op http://www.rtl.lu

**Dateschutz:**

Dëst Spill ënnersteet de leschte Gesetzer wat den Dateschutz ubelaangt.

All Matspiller huet d'Recht seng d'Donnéeën déi gesammelt ginn unzekucken, ze modifiéieren, ze rectifiéieren oder ze läschen. Fir dëst ze maachen brauch de Matspiller nëmmen e Courrier un RTL Lëtzebuerg ze schécken.

**Haftung:**

RTL Lëtzebuerg kann net haftbar gemat ginn, am Fall wou dem Matspiller d'Méiglechkeet versot fir bei dem Spill matzemaachen notamment:

- Seng Interverbindung
- Säi Computer an all d'Accessoiren déi dozou gehéiere fir matzespillen
- Seng Logiciellen
- All anert Element technescher, materieller oder informatescher Natur

De Matspiller spillt mat, ënnert senger eegener Haftung.

**Dépot vun de Regelen:**

D'Regele vum Spill si beim Huissier de Justice Carlos Calvo, 65 rue d'Eich, L-1461 Lëtzebuerg, Telefon: 44 13 33 1 déposéiert ginn.

**Ännerungen un de Regelen**

RTL Lëtzebuerg behält sech d'Recht, am Fall vun engem gréisseren Evénement d'Spillregelen ze änneren. Dëst gëtt awer mat Récksprooch mam Huissier de Justice Carlos Calvo gemat.

**Rechtssträit:**

Wann eng Klausel vun dëse Spillregele géif null a nichteg erkläert ginn, sinn trotzdem déi rechtlech Klauselen nach ëmmer gëlteg.

D'Gesetz wat fir dëst Spill applicabel ass, ass d'Lëtzebuerger Gesetz. All Sträit deen entsteet, gëtt fir d'éischt versicht et op eng amiable Manéier ze regelen. Wann dat net de Fall ass, sinn déi kompetent Geriichter responsabel fir de Litige ze regelen.

Dës Regelen goufen bei dem Huissier de Justice Huissier de Justice Carlos Calvo, 65 rue d'Eich, L-1461 Lëtzebuerg, Telefon: 44 13 33 1 déposéiert.